N°7101
Entrée le 31.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 31.10.2022

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,
Référence: 686/2022
31 OCT. 2022
A traiter par:
Copie à:

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 28. Oktober 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Am Kader vun de rezenten Diskussiounen ronderëm d'Landwirtschaft wëll ech folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister stellen.

- Wéi gesäit d'Alterspyramid am Agrarsecteur aus?
- Wéi vill Betribsleeder sinn méi al wéi 50 Joer, wéi vill sinn méi al wéi 55 Joer a wéi vill sinn méi al wéi 60 Joer?
- Wéi vill Prozent vun de Betriber an den eenzelen Alterskategorien hunn en Nofollger?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Martine Hansen**

**Deputéiert**

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 7101 vun der éierbarer Deputéiert Martine Hansen**

- **Wéi gesäit d'Alterspyramid am Agrarsecteur aus?**

Fir d'Joer 2021 sinn 1.869 Betriber gezielt ginn. Fir 2022 leien nach keng offiziell Zuele fir. An der folgender Tabell kann d'Altersstruktur vun deenen 1.869 Betribsleeder ofgelies ginn:

| Alter | Unzuel Betriber | Prozent | Cumul. Prozent |
|---|---|---|---|
| < 20 | 0 | 0 | 0 |
| 20-24 | 7 | 0.37 | 0.37 |
| 25-29 | 58 | 3.10 | 3.48 |
| 30-34 | 129 | 6.90 | 10.38 |
| 35-39 | 156 | 8.35 | 18.73 |
| 40-44 | 168 | 8.99 | 27.72 |
| 45-49 | 164 | 8.77 | 36.49 |
| 50-54 | 272 | 14.55 | 51.04 |
| 55-59 | 345 | 18.46 | 69.50 |
| 60-64 | 201 | 10.75 | 80.26 |
| 65-69 | 173 | 9.26 | 89.51 |
| 70-74 | 82 | 4.39 | 93.90 |
| >74 | 114 | 6.10 | 100 |
| Total | 1.869 | | |

- **Wéi vill Betribsleeder si méi al wéi 50 Joer, wéi vill si méi al wéi 55 Joer a wéi vill si méi al wéi 60 Joer?**

Wéi een aus der Tabell ofliese kann, sinn insgesamt 1.187 Betribsleeder (63.5%) op d'mannst 50 Joer al. 915 Betribsleeder (49%) hunn op d'mannst 55 Joer a 570 Betribsleeder (30.5%) hunn op d'mannst 60 Joer.

- **Wéi vill Prozent vun de Betriber an den eenzelen Alterskategorien hunn en Nofollger?**

Am Kader vun der Strukturerhiewung ginn d'Betriber gefrot, ob d'Nofolleg geséchert ass oder net, bzw. dëst nach onsécher ass. D'Verdeelung vun de Betriber aus dem Joer 2021 léist sech a folgender Tabell ofliesen:

| Alter | Nofolleg geséchert | Nofolleg net geséchert | Nofolleg ongewëss | Total |
|---|---|---|---|---|
| 50-54 | 106 | 61 | 105 | 272 |
| 55-59 | 105 | 121 | 119 | 345 |
| 60-64 | 56 | 81 | 64 | 201 |
| 65-69 | 41 | 87 | 45 | 173 |
| 70-74 | 15 | 54 | 13 | 82 |
| >74 | 26 | 53 | 35 | 114 |
| Total | 349 | 457 | 381 | 1.187 |

Vun deenen 1.187 Betriber mat engem Betribsleeder vun op d'mannst 50 Joer ass deemno an 349 Betriber (29.4%) d'Nofollëg geséchert. An 457 Betriber (38.5%) ass d'Nofolleg net geséchert, wärend dëst an 381 Betriber (32%) nach ongewëss ass.

Lëtzebuerg, den 9. November 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN